N° 7678
Entrée le 28.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.02.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Die Sorge über die Zukunft der Biogasanlagen*" deen de 27. Februar am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt d'Bedreiwer aktuell staark ënnert deem ze niddregen Aspeisetarif leiden, well si trotz wäit méi héijen Onkäschte keng besser Präisser fir hire Gas erzilen. Zousätzlech kënnen si hir Zousazkäschten, déi als Konsequenz vun der allgemenger Präisdeierecht entstane sinn, awer och net eent zu eent un hir Fournisseure weiderginn. Besonnesch bei der Verwäertung vun ofgelafene Liewensmëttel wieren si dann net méi kompetitiv vis-à-vis vun der auslännescher Konkurrenz. En zousätzlechen Transport vun dëse Liewensmëttel an d'Ausland, fir do verwäert ze ginn, géif allerdéngs am Widdersproch zum regionalen Nohaltegkeetsgedanke vun eise Biogasanlage stoen:

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi reagéiert den Här Minister op déi am Artikel thematiséiert Onzoulänglechkeete vun der aktueller Aspeisevergütung? Kéint den Här Minister sech virstellen, dës ze flexibiliséieren andeems se entweder reegelméisseg un d'Entwécklung vun de Betribskäschten an/oder der Steigerung vu Maartpräisser unzepassen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 7678
Entrée le 12.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°7678 vum 28. Februar 2023 vum éierewäerten Deputéierte Fred Keup iwwert "Tarifs de rachat du biogaz"

Wéi reagéiert den Här Minister op déi am Artikel thematiséiert Onzoulänglechkeete vun der aktueller Aspeisevergütung? Kéint den Här Minister sech virstellen, dës ze flexibiliséieren andeems se entweder reegelméisseg un d'Entwécklung vun de Betribskäschten an/oder der Steigerung vu Maartpräisser unzepassen?

Laut dem "Règlement grand-ducal modifié du 15 décembre 2011 relatif à la production, la rémunération et la commercialisation de biogaz" gi Biomethananlagen, déi am Anlagenregister agedroe sinn, mat engem Aspeisetarif iwwer 15 Joer ënnerstëtzt. Dësen Tarif ass eng geneemegt Staatsbäihëllef vun der europäescher Kommissioun. Upassungen am lafende Betrib sinn nët ouni Weideres méiglech.

Generell si bei der Berechnung vun dësen Tariffer eng Inflatioun vun den operative Käschte vun 2% pro Joer berécksiichtegt ginn. Eng zousätzlech Indexéierung vun den Aspeisetariffer ass momentan net virgesinn.

Wéinst der Präisdeierecht, a fir déi aktuell Hausse vun de Stroum- a Biomasskäschten ofzefiederen, gesäit d' "Loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine" ab dem 1. Januar 2023 speziell Bäihëllefe fir déi betraffen Anlage vir. Dës Aiden si konform mam europäesche Recht an si speziell un dës Krisenzäit ugepasst. Doriwwer eraus gëtt aktuell mam Wirtschaftsministère gekuckt fir dësen Anlagen och réckwierkend fir d'Joer 2022 ze hëllefen.

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie